n° 3685

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 19. Februar 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Laut den neie Recommandatioune vum Educatiounsministère sinn d'Kanner an der Grondschoul vum Cycle 2 u gehalen, och wärend dem Unterrecht de Masque als Schutz géint eng weider Verbreedung vum Covid-19-Virus unzehalen. Fir de Cycle 1, déi fréier Spillschoul, a fir den Enseignement précoce gëllt de Port du masque am Klassesall weiderhin net.

Laut mengem Wëssen ass vun den Enseignant-titulairen vu bestëmmte Précoce-Klassen d'Informatioun un d'Eltere gaangen, dass d'Kanner hir Collatioun an Zukunft awer net méi am Klassesall, mee dobaussen am Haff zou sech huele mussen - obwuel d'Kanner jo wärend dem Unterrecht ouni Masque zesummen am Klassesall sëtzen.

An deem Kontext erlaben ech mir, folgend Froen un den Här Educatiounsminister ze stellen:

- Si Consignen un d'Léierpersonal vun Enseignement précoce a Cycle 1 eraus gaangen, laut deenen d'Kanner, déi wärend dem Unterrecht kee Masque brauchen ze droen, hir Collatioun moies an nomëttes dobausse mussen zou sech huelen?
- Wa jo, op der Basis vu wéi engen Elementer ass déi Decisioun geholl ginn, dass d'Kanner mussen dobaussen iessen an drénken, obwuel se ouni Masque zesummen am Klassesall sëtzen?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Deputéiert

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3685 vun der honorabeler Deputéierte Martine Hansen

Et sinn zu kengem Moment déi vun der honorabeler Deputéierten opgefouert Consignë vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend un d'Léierpersonal erausgaangen. Am Kontext vun der Collatioun hu vereenzelt Regionaldirektioune recommandéiert, dës Aktivitéit, wann d'Wieder et erlaabt, no baussen ze verleeën. Dës Recommandatioune waren awer ëmmer generell un d'Schoulen aus de concernéierte Regionaldirektioune geriicht an hunn sech ni exklusiv op de Cycle 1 bezunn.

Zum jëtzegen Zäitpunkt ass et wichteg, déi aktuell relevant Gestes barrières beschtméiglechst anzehalen. An dësem Kontext erklären d'Enseignanten de Schüler ëmmer erëm d'Relevanz vum Anhale vun de Gestes barrières. Esou gëtt och beim Iessen drop opgepasst, datt d'Schüler Distanz zu eneen halen, an datt beschtefalls gläichzäiteg gelëft gëtt.